## Katechees 1

# Massendénger ?

1. **Aféierung – Brainstorming "Massendénger"**
   **Wat mécht/wat ass ee Massendénger?**
   **Wou hues du scho Massendénger gesinn?**

2. **Wéisou ginn et Massendénger?** [1]

### 2.1. E kuerze Bléck an d'Geschicht

Den Déngscht vum Massendénger gëtt et scho laang – zënter datt et Gottesdéngschter gëtt. An der Zäit vum Alen Testament gouf et e ganze Stamm am Vollek Israel, dee fir den Déngscht beim Tempelgottesdéngscht ausgewielt war. Zum Jesus senger Zäit gouf et an den Dierfer Synagogendénger (eng Synagog = Gotteshaus vun de Judden) an zu Jerusalem am Tempel gouf et Tempeldénger.
Bei den éischte Chrëschte si fir den Déngscht an de Gottesdéngschter Diakonen auserwielt ginn.
Spéider sinn an de Gottesdéngschter Lektoren a Kantoren dobäi komm. Doraus huet sech d'Traditioun vun eisen haitege Massendénger entwéckelt.
Vill Joerhonnerten iwwer waren nëmme Jongen beim Altor am Déngscht. Zënter 1994 däerfen offiziell och Meedercher e liturgeschen Déngscht um Altor ausüben.

### 2.2. De Massendénger am Déngscht

D'Massendénger stinn am Déngscht vu Gott a vun deenen, déi de Gottesdéngscht matfeieren.
Et ginn eigentlech zwou Ursaachen, firwat et Massendénger gëtt:
- Massendénger si Vertrieder vun der Glawensgemeinschaft. Ganz fréier waren déi Gemeinschaften esou kleng, datt se all bei engem doheem ronderëm den Dësch Plaz haten. Mee wéi 380 no Christus d'Chrëschtentum zur Staatsrelioun ginn ass, ass d'Zuel vun de Chrëschte méi grouss ginn. Lues a lues hu sech nemme geweite Männer am Altorraum ophalen dierfen. Haut awer weisen all déi, déi déngen, datt d'Feiere vum Gottesdéngscht eng Saach vu jidderengem ass. Si vertrieden déi ganz kierchlech Gemeinschaft am Chouerraum.
- Eng zweet wichteg Ursaach ass, datt et feierlech am Gottesdéngscht si soll. Et soll e Fest mat Käerzen, Wäiraach an extrae Kleeder sinn. Zur Festlechkeet droe grad d'Massendénger mat hire villen Aufgabe bäi:
virum Gottesdéngscht alles virbereeden, Brout a Wäin op den Altor bréngen, Affer ophiewen, schellen oder de Gong schloen, de Wäirauch gutt dämpe loossen, Käerze bréngen an unhalen, matbieden a matsangen ...

---

[1] Lëtzebuerger Massendénger, Advent – Zingulum ABC fir Massendénger, Lëtzebuerg 2014, Print. Säit 23-25.

D‘Massendénger sinn net nëmmen an der Mass am Déngscht, mee bei allen Zorte vu Gottesdéngschter (Daffeier, Hochzäit, Begriefnes…).
Baussent der Kierch ass de Massendénger och am Déngscht. Et gehéiert ënner anerem zu sengen Aufgaben, klibberen ze goen – fir d’Mënschen zwee Deeg laang (Karfreideg a Karsamschdeg) un d’Gebietszäiten an un d’Gottesdéngschter z’erënneren.

### 2.3. De Massendénger am Asaz fir anerer

D‘Massendénger denken net nëmmen u sech. D‘Massendénger sinn dobäi, wann et ëm Hëllef fir anerer geet.
Si gebrauchen hir Fäegkeeten, fir sech fir anerer anzesetzen, sief et: bei Parbazaren, bei Ouschtereeëraktiounen, beim Banne vun Adventskränz, bei enger grousser Botz an de Gemengen, bei Krëppespiller, bei Chrëschtmäert, bei Projete fir d‘Drëtt Welt oder bei villen aneren Aktivitéiten.
D’Massendénger maachen dat, well si am Gottesdéngscht op d’Wuert vum Jesus lauschteren. Doduerch mierke si ganz gutt, datt de Jesus sech ëmmer nees fir seng Matmënschen agesat huet.
Als besonnesch Frënn vun deem Jesus sollen d’Massendénger him et nomaachen an sech fir aner Mënschen, fir d’Natur an d’Ëmwelt asetzen. Esou iwwerhuele si Verantwortung a ginn zum Virbild fir aner Mënschen.

### 2.4. De Massendénger a senger Fräizäit

Massendénger si Jongen a Meedercher wéi all déi aner, déi sech un deene schéine Saache vum Liewe freeën.
An hirer Fräizäit ënnerhuele si munches mat aneren am Grupp: an de Kino goen, Grillparty organiséieren, Ausflich a Pilgerreese maachen, Vakanzen zesumme verbréngen, cool Nomëtteger erliewen, Diskussiounen iwwer reliéis an aktuell Themen féieren…

## 3. Aktivitéit – Entdecken, wat e Massendénger wësse soll

**Entdeckungskëscht:**

- *Sëtzkrees maachen*
- *Këscht, déi verdeckt ass, opmaachen an entdecken, wat dran ass.*
- *An der Këscht:*
    - o *Géigestänn aus der Sakristei resp. Fotoe vun deene Géigestänn*
    - o *Opzielen, wat jidderee gesäit/erkennt*
    - o *Käertercher mat de Bezeechnunge bei d’Géigestänn leeën*



*(Dekoratioun: Kontakt: beebarbe@pt.lu)*

Lëtzebuerger Massendénger – Centre Convict – 5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg
Tel.: (+352) 44 743 243 Fax.: (+352) 44 743 248 massendenger@cathol.lu
https://cathol.lu/massendenger BILL LU41 0028 4101 1668 9900

Material: Këscht mat follgende Géigestänn (resp. Fotoen vun deene Géigestänn):

- Afferkierfchen
- Bibel / Evangeliar
- Gesangbuch (Magnificat)
- Gong oder/a Schellen
- Hostieschossel mat Hostien
- Käerz
- Kännercher fir Wäin a Waasser
- Kellech
- Klack
- Klibber
- Kräiz
- Lavaboschuel mat Lavaboduch
- Massbuch
- Massendéngerkleed
- Rousekranz
- Schëffelche mat Wäirauchkäeren
- Statu / Bild (vun der Muttergottes a vum Hellege Willibrord)
- Tarcisiusstatue (Bild vun der Tarcisiusstatu)
- Wäirauchfaass
- Wäiwaasserkessel + Aspergill
- Zingulum (Kordel fir MD-Kleed)

All Massendénger dierf sech eppes (mat verbonnenen Aen) raushuelen a soll beschreiwen wat et ass a wéisou et benotzt gëtt. Zesummen erschaffen, wat et ass, wéisou et an der Kierch / bei de Massendénger gebraucht gëtt.
uschléissend:
jiddereen eng Käertche mam Begrëff zéie loossen – déi bei dee richtege Géigestand leeën. oder

D'Käertercher zesumme mat de Géigestänn an d'Këscht leeën. D'Kanner sollen alles richteg beieneen leeën.

oder

kleng Ziedelcher virbereeden (oder evt. "Post-its") mat Stëfter – Kanner solle selwer versichen, den "Numm" vum Begrëff ze sichen. Eventuell si och ee Saz "Erklärung" dobäi schreiwe loossen.

**4. Ukucke vum Film** [2]

Link op Youtube https://youtu.be/BGee6XHzQM8

**5. Aarbechtsblat**

Foto an ziviller Kleedung: "Dat sinn ech"

Foto mat Massendéngerkleedung: "Ech ginn/sinn lo Massendénger"

[2] Lëtzebuerger Massendénger, Advent – Zingulum ABC fir Massendénger, Lëtzebuerg 2014, Print. Säit 23-25.

Lëtzebuerger Massendénger – Centre Convict – 5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg
Tel.: (+352) 44 743 243 Fax.: (+352) 44 743 248 massendenger@cathol.lu
https://cathol.lu/massendenger BILL LU41 0028 4101 1668 9900